



N° 8255
Entrée le 23.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 23.08.2023

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. August 2023

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Op Internet si Bicher opgedaucht, déi déi integral Texter vum Sproochenexame Lëtzebuergesch am INLL erëmginn an op eng aner Sprooch – an deem Fall, deen eis zu Ouere komm ass, ass dat Russesch – iwwersetzen. Wann et och international net onüblech ass, datt esou Tester oder Beispiller vun Examensfroe publizéiert ginn, dann ass awer hei festzehalen, datt dës Texter bis elo net offiziell publizéiert waren an datt déi Bicher also op Informatiounen baséieren, déi sech aller Wahrscheinlechkeet no illegal beschafft goufen.

An deem Zesammenhang hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

- 1) Kann den Här Minister dës Faite confirméieren?
- 2) Wa sech déi Texter effektiv illegal beschafft goufen, huet den INLL oder den zoustänneg Ministère eng Plainte gemaach?
- 3) Wéi eng Konsequenzen zitt de Ministère aus dësem Virgang, och am Hibleck op de Sproochenexamen?
- 4) Anscheinend freet den Auteur vun deene Bicher och nach „droits d'auteur“. Sollen d'Texter illegal beschafft gi sinn, wéi stellt sech de Ministère zu der Fro vun den „droits d'auteur“?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser

Deputierten